

FUERSCHUNG AM



De Christian Ries
ass am 'natur musée'
zoustänneg fir de Beräich
vun der Ekologie, a virun
allem fir
déli **invasiv**
Aarten.



'NATUR MUSÉE':

EKOLOGIE

Invasiv Aarten?

Wat ass dat dann?

Dat sinn Déieren,
Planzen oder
Champignonen,
déi anzwousch

opdauchen, wou se ursprénglech net
heemesch sinn, an déi sech dann op
Käschte vun den typesch heemeschen
Déieren ausbreeden.

E Beispill fir eng invasiv Aart ass z.B. de
Japanesche Knettrausch. Hie kënnt
ursprénglech aus China, Korea a
Japan. Mëttlerweil fënnt een hien
awer och esou zimlech iwwerall
uechter Europa an Nordamerika.



*Japanknöterich, renoué du Japon,
japanese knotweed, Fallopia japonica*

A
sou? A wéi
koum hien da bis
heihinner?



Majo,
wéi vill aner invasiv Aarten
och, gouf hien am 19. Joerhonnert
vum Mënsch mat an Europa bruecht, fir hei
als Zierpflanz an als Fudder fir d'Wéld
ugeplant ze ginn.

Hmmm,
mä et ass jo awer
eng ganz schéi Pflanz,
wat ass dann elo do
de Problem?


Hie
wiest immens
séier a mécht
sech breet op
Käschte vun aner

heemesche Planzen, déi dann net méi
genuch Plaz, Waasser a Luucht kréien, fir ze
wuessen a sech ze vermehren.

Seng Wuerzele sinn esou staark, datt si
d'Fëllelement vun engem Haus kënnen futti
maachen. Ausserdeem leie si esou déif
am Buedem, datt een dës Pflanz ganz
schwierig nees lass gëtt. Do geet et net
duer, d'Gréngs einfach ewech ze
schneiden, do muss de ganze
Buedem ëmgegruewn a
gesiffert ginn.

Am
beschte léisst een
d'Fanger vun esou exotesche
Planzen an et plant een nëmme
Blummen, Hecken a Beem vun
hei a säi Gaart.

Ech verstinn. A wat
kann een elo maachen,
fir déi heemesch Planze virun
esou enger invasiver Aart ze
schützen?






Buddleia (Päiperleksstrauch), gewöhnlicher Sommerflieder, buddleia du père David, summer lilac, *Buddleia davidii*

De wonnerschéine Buddleia (Päiperleksstrauch) ass iwwregens och een Exot. **Well hie vill méi Päiperleken an aner Insekten unzitt, wéi hie fiddere kann, ass hien och éischter eng Plo wéi ee Seege fir déi fläisseg Insekten.** Ausserdeem gëtt hien dacks vill ze no un de Stroossen ugeplant, wouduerch vill Insekten dem Verkéier zum Affer falen. An der Stad ass hien iwwregens am Gaang, sech staark auszebreeden.

Dat mécht
Sënn, d'Fanger vun den
exotesche Planzen ze loossen!
Wa jidderee frou mat de Planzen
an Déiere wär, déi natierlech bei him
wuessen a liewen, a mir guer keng
friem Aarte méi géife bei eis aféieren,
wär de Problem vun den invasiven

Aarten also
ee fir
alle Mol
geléist?



Kenns du de Label
"Heck vun
hei" schonns?
Dee mécht dir
et ganz einfach
erausgefannen,
wéi eng Heck
eenheemesch ass.



http://www.environnement.public.lu/conserv_nature/dossiers/heck_vun_hei/index.html

Dat
wär op jidde Fall
mol ee gudden Usaz, mä
esou einfach ass dat leider
net. Et ginn nämlech och
där Aarten, déi als illegal
Passagéier bei eis
kommen.

Illegal
Passagéier?




Ma
iwwerlee mol.
All Dag fléie méi wéi
100.000 Fligere ronderëm
d'Äerd. Da fueren nach esou
vill Zich, Schëffer, Camionen an Autoen, zech
dausend Kilometere vun A op B. Do kann et séier
mol virkommen, datt een en onerwënschte
Gaascht u Bord huet, ouni, datt een et
matkritt. Hautdësdaags ginn et do zwar vill
Kontrollen – besonnesch beim Transport vu
Liewensméttel a Planzen – ma ganz
sécher kann ee sech do ni
sinn.

Lo wou s du et sees!
Déi leschte Kéier, wou ech
mam Fliger aus Afrika zrëck an
Europa geflu sinn, hu se virum Start
een Insektegëtt an der Kabinn vum
Fliger gesprëtzt. War dat och fir
esou illegal Passagéier
ofzemuerksen?



Jo genee. Hei hate si et
wuel virun allem op d'Moustiquen
ofgesinn, déi d'Malaria, d'West-Nil-
Féiwer an aner tropesch Krankheeten
iwwerdroen.

Hmmm,
mä wann esou
eng Moustique als blanne
Passagéier u Bord vun engem
Fliger mat bis an Europa kënnt,
kann déi hei dach souwisou net
iwwerliewen. Hei ass et där
dach vill ze kal?!



Hues du schonns
eppes vum Klimawandel héieren?
D'Temperature sinn am Gaang ze
klammen. Am Méttelmierraum an um Balkan
kann esou eng Moustique iwwerliewen. Och
a Grousstied, wou vill Fligeren aus tropesche
Länner landen, ginn et ëmmer nees Fäll vun
tropesche Krankheeten. Ech selwer krut
d'West-Nil-Féiwer bei engem Besuch
zu Wien vun enger Moustique
iwwerdroen.



So
Christian, a wéi
weess du dann, ob et déi
Moustiquen och schonns
an eise Géigende
ginn?



Vun
Abrëll bis Oktober sëtze
mir **CO₂** Falen op. Vum **CO₂** an
zousätzleche **Schweess-Stoffer** ginn
d'Moustiquen ugezunn a falen dann an een
Netz. Déi Fal leeft all Woch eng Kéier, am
beschte bei schéinem Wieder a
24 Stonne laang.

CO₂
ass déi chemesch
Formel fir Kuelendioxid, oder méi
exakt Kuelestoffdioxid. Dat ass eng
chemesch Verbindung aus Kuelestoff
a Sauerstoff.



Wann s
du Sport méchs, fänks du u
mat schweessen a produzéiers **Schweess-Stoffer**. Dës
Schweess-Stoffer lackelen d'Moustiquen un. Wëll wou geschweesst
gëtt, do fanne si normalerweis een Déier, bei deem si Blut suckele
kënnen. Dem Christian seng Fal schmiert d'Moustiquen also un.
Si fléien an d'Fal eran, well si mengen, si géifen hei een
Déier fannen, dat si picke kéinten.

Da
sammele mir déi
gefaange Moustiquen a lagere
se an enger Killtru. Een Expert kuckt sech déi
Moustiquen da méi genee un a seet eis, zu wéi enger
Aart se gehéieren. Esou fanne mir eraus, ob eng
exotesch Moustiquenaart am Gaang ass sech
bei eis auszebreen.



Am
Moment ginn et 54 Planzen-,
52 "Invertebraten"- a 25 **Wierbeldéieren**
déi hei zu Lëtzebuerg als invasiv Aarte bekannt
sinn. Déi Lëscht fënns du am Detail op
www.neobiota.lu



Invertebraten?
Dat sinn Déieren ouni
Wierbelsail.



Wierbeldéieren
oder och **Vertebraten**
sinn Déiere mat enger
Wierbelsail.

KANNER SCIENCE / CITIZEN SCIENCE

Wëlls
du mir hëllef,
d'Ausbreedung vun
enger invasiver Aart ze
studéieren?

Mat
der Hëllef vun de
Vullen, déi hire Som an
der Natur verspreën, huet
d'Lolberkiischt et gepackt, sech aus
dem Gaart an de Bësch ze woen.
Si gouf schonns a Bëscher an der Géigend
vun Diddeleng a vu Steesel am Uelzechtall
gesinn.
Wann s du d'Lolberkiischt bei dir am Bësch
gesäis, da schéck mir w.e.g. eng Foto
mat dësen Informatiounen op
info@neobiota.lu

1. Wéivill Stäck
Lolberkiischt hues de
gesinn?
2. Wou hues de se gesinn?
(vläicht hunn deng
Elteren en Handy mat
GPS?)
3. Däin Numm, däin
Alter, deng Adress an
deng Emailsadress

Du
erkenns se un hire
Blieder, déi wéi Lolberblieder
(DE: Lorbeer) ausgesinn, déi
iewescht Säit ass blénkeg
däischtergréng, déi ënnescht
Säit ass méi hell. Si ass ëmmer
gréng, och am Wanter.

Op
der Wikipedia ass eng flott
Beschreibung mat Biller:
<https://de.wikipedia.org/wiki/Lorbeerkirsche>

Ech
soen dir villmools Merci
fir deng Hëllef!
Christian Ries, Conservateur am
'natur musée'

D'Lolberkiischt
(*Prunus
laurocerasus*) ass en
exoteschen a gëftegen
Heckentrauch aus
Klengasien, deen dacks
a Gäert ugeplant
gëtt.

